Geschichts- a Kulturkommissioun
Gemeng Manternach

# Kulturrees op Guédelon

**09.05.25 - 11.05.25**

**09.05.2025** Rees vu Manternach a Richtung Auxerre mat Ausfluch an d'Alstad. Am spéiden Nomëtteg fuere mir da weider op Pouilly-sur-Loire an den Hotel „Hôtel le Relais de Pouilly".

**10.05.2025** Dagesausfluch op Guédelon mat enger Visite vun ca. 4 Stonne vun enger mëttelalterlecher Buerg, déi säit 1997 vu ronn 50 Handwierker mat de Methoden, Materialien a Mëttel vun der Zäit aus dem 13. Joerhonnert gebaut gëtt. Mëttes fuere mir dann op La Charité-sur Loire mat engem Spadséiertuer vun ca. 90 Minutten. D'Stad ass en Deel vum Jokeswee a Frankräich.

**11.05.2025** No dem Kaffi geet d'Rees bei den Domaine „Château de Meursault", wou mir de Betrib gewise kréien an un enger Wäindégustatioun deelhuele wäerten. No dem Mëttegiesse geet et dann op d'Heemrees iwwer Pommard an Dijon.

De Präis läit jee nodeem wéi vill Leit matginn tëschent 545€ a 560€. Den Oppräis fir en Eenzelzëmmer si 60€. Am Präis ass Kaffi, Mëttegiessen an Owesiesse esou wéi och sämtlech Féierungen, Taxen an Entrée'en mat abegraff. Dat eenzegt wat net mat abegraff ass, ass d'Mëttegiessen den 10.05.2025. D'Käschte vum Bus gi vun der Gemeng Manternach iwwerholl.


© Guédelon - Ph. C. Guérard

**Umelle kann een sech bis den 12. Februar 2025 beim:**
Alix Klein-Ungeheuer, per Mail: alixklein@hotmail.de